ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. Mee 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Inneminister an un den Här Wunnengsbauminister weiderzeleeden.

De Projet Elmen vun der SNHBM gesäit fir, datt um Zitt Elmen an der Gemeng Kielen Haiser an Appartementer fir 2000 Awunner gebaut ginn. Donieft och nach eng Primärschoul, Parkhaiser, Supermarchéen, eng Crèche, asw.

Am Juli 2019 hat den Direkter vun der SNHBM am RTL Interview gesot: "*Déi éischt Phase huet 400 Unitéiten an mir wäerten dorunner 6 Joer bauen. Dat heescht vun haut un gerechent denke mer datt mer dat éischt Duerf mat 400 Unitéiten an all deenen anere Funktiounen ewéi Supermarché oder Crèche bannent 8 Joer hei stoen hunn".*

An dësem Kontext géif ech der Madamm Inneminister an dem Här Wunnengsbauminister gär des Froe stellen:

1) Kann dësen Zäitplang agehal ginn? Och fir d'Funktiounen ewéi Schoul, Supermarché, Sportshal an d'Crèche? Falls nee, firwat net?
2) Wéivill Awunner sollen am Joer 2023 zu Elmen wunnen a wéivill am Joer 2025? Wéini wäert de ganze Projet ofgeschloss sinn?
3) Wéi héich ass déi staatlech finanziell Kontributioun um ganze Projet bis zum 31. Dezember 2020 gewiescht? Wéi héich wäert déi staatlech finanziell Kontributioun, esou wéi et aktuell ausgesäit fir de ganze Projet viraussichtlech sinn?
4) Wéi héich falen aktuell déi verschidde Subsiden aus, mat deenen de Staat d'Gemeng Kielen beim Bau vun der néideger Infrastruktur ënnerstëtzt, wéi z.B. Schoulen, Sportshalen, Crèche...asw. Vu datt et sech hei och em en gréisseren nationalen Projet handelt, ass d'Regierung bereet déi Subsiden nach weider ze erhéijen, an dem Projet esou déi néideg Ënnerstëtzung zoukommen ze loossen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten